



Commune de
Strassen 

ZESUMME LIEWEN

FIR ENG GUTT NOPERSCHAFT

VIVRE ENSEMBLE

VIVRE EN BON VOISINAGE

LIVING TOGETHER

FOR A GOOD NEIGHBOURHOOD

strassen.lu



ZESUMME LIEWEN
FIR ENG GUTT NOPERSCHAFT

Zu Stroossen begéine sech am Alldag méi wéi 100 verschidden Nationalitéiten, déi mateneen interagéieren an zum kulturelle Räichtum vun der Gemeng bäidroen. Dat bedeit genee esouvill Gewunnechten a Liewensrhythmen, déi heiansdo ongewollt zu Mëssverständnesse féiere kënnen. Toleranz, Respekt a Versteesdemech, sinn d'Basis fir en harmonescht Mateneen, dat esou wichteg fir d'sozialt Zesummeliewen an domadder a jidderengem sengem Interessi ass.

An dëser Broschür fannt Dir Rotschléi a Reglementer zu verschiddenen Themen aus dem Alldag, fir iwuer Gewunnechten a Gebräicher an der Gemeng z'informéieren.

Ech wënschen lech alleguerten e glécklecht Zesummeliewen an eng gutt Noperschaft.

VIVRE ENSEMBLE
VIVRE EN BON VOISINAGE

À Strassen, plus de 100 nationalités se côtoient et interagissent au quotidien, contribuant ainsi à la richesse culturelle de la commune. Ce sont autant d'habitudes et de rythmes de vie qui se croisent, ce qui parfois, sans le vouloir, peut donner lieu à des malentendus. La tolérance, le respect et la compréhension mutuelle constituent la base d'un vivre ensemble harmonieux, essentiel à la convivialité de Strassen et dans l'intérêt de tous.

Dans cette brochure, vous trouverez des conseils et des règlements sur plusieurs thèmes de la vie quotidienne afin de vous informer des us et coutumes de notre commune.

Je vous souhaite à toutes et à tous un heureux *vivre ensemble* et un bon voisinage.

LIVING TOGETHER
FOR A GOOD NEIGHBOURHOOD

In Strassen, over 100 different nationalities meet and interact daily, while also contributing to the commune's richness. This leads to the co-existence of a multitude of habits and lifestyles which can sometimes lead to misunderstandings. Tolerance, respect and understanding are fundamental for a harmonious co-existence, which is essential in order to form a sense of community and hence in everybody's interest.

In this brochure, you will find advice and rules on some day-to-day topics regarding the habits and customs of our commune.

I wish you all a happy *living together* and a good neighbourhood.

Gaston Greiveldinger

Buergermeeschter vu Stroossen | Bourgmestre de Strassen | Mayor of Strassen

KAMÉIDI

BRUIT
NOISE

Commune de
Strassen

ZESUMME LIEWEN

FIR ENG GUTT NOPERSCHAFT

VIVRE ENSEMBLE
VIVRE EN BON VOISINAGE

LIVING TOGETHER
FOR A GOOD NEIGHBOURHOOD

KAMÉIDI

De géigesäitege Respekt ass fir eng gutt Noperschaft noutwenneg.

Während der Nuetsrou tëschent 22.00 a 7.00 Auer soll iwerméisseg Kaméidi, wéi haart Musek oder Gejäiz evitéiert ginn.¹

Elektronesch Apparater, wéi zum Beispill Tëlee, Radio oder Computer sollen esou agestallt sinn, dass d'Noperen net gestéiert ginn.²

Loosst de Motor vun Ärem Gefier net am Leerlauf lafen.³

Wann de Kaméidi vu Geräter oder Maschinnen net ze vermeiden ass, probéiert d'Dauer vun den Aarbechten esou kuerz wéi méiglech ze halen oder maacht se an e puer Etappen.⁴ Informéiert Ären Noper am Viraus iwwert geplangten Aarbechten.

Denkt drun, dass et sonndes an op Feierdeeg de ganzen Dag iwver verbueden ass Maschinnen ze benotzen, déi vill Kaméidi maachen a wouduerjer d'Rou vun den Nopere gestéiert gëtt. Dozou gehéieren zum Beispill Méimaschinn, Motorsee oder

Buermaschinn. Dëst gëllt och all Dag während der Woch vun 20.00 bis 8.00 Auer.⁵

Huelt w.e.g Récksiicht op Är Noperen an evitéiert Kaméidi während der Mëttesstonn.

BRUIT

Le respect mutuel est indispensable pour pouvoir vivre en bon voisinage.

Pendant la période de repos nocturne, entre 22h00 et 7h00, évitez de faire trop de bruit en écoutant de la musique trop fort ou en criant, par exemple.¹

Réglez le volume des appareils électroniques, comme la télévision, la radio ou l'ordinateur, de manière à ne pas déranger les voisins.²

Ne laissez pas tourner à vide le moteur de votre véhicule.³

S'il n'est pas possible d'éviter le bruit des appareils ou des machines, essayez de réduire la durée des travaux ou effectuez-les en plusieurs étapes.⁴ Informez vos voisins au préalable si vous prévoyez de faire des travaux, ils apprécieront certainement ce geste simple.

N'oubliez pas que les dimanches et jours fériés, il est interdit pendant toute la journée d'utiliser des machines bruyantes susceptibles de perturber le repos des voisins comme par exemple des tondeuses, des tronçonneuses ou des perceuses. Cette réglementation s'applique également pendant tous les autres jours de la semaine entre 20h00 et 8h00.⁵

Soyez prévenants à l'égard de vos voisins et évitez de faire du bruit pendant le temps de midi.

¹ Articles 19 et 25 du règlement général de la Police de Strassen
² Article 21 du règlement général de la Police de Strassen
³ Article 27 du règlement général de la Police de Strassen
⁴ Article 28 du règlement général de la Police de Strassen
⁵ Article 31 du règlement général de la Police de Strassen
⁶ Article 33 du règlement général de la Police de Strassen

NOISE

Mutual respect is essential for a good neighbourhood.

Please avoid any excessive noise, such as loud music or uproar, during the nocturnal rest between 10 p.m. and 7 a.m.¹

Electronic devices, such as TV, radio or computer, should be at an appropriate volume in order to not disturb the neighbours.²

Do not let the engine of your vehicle run idle.³

Should there be any unavoidable noise due to the use of heavier devices or machinery, try limiting the duration of the construction works or spreading it over a longer time period.⁴ Give your neighbours a little heads-up prior to any kind of noisy work.

Please remember that it is prohibited to use any kind of noisy machinery (mower, chainsaw or drilling machine) on Sundays and on holidays. This also applies to any other weekday between 8 p.m. and 8 a.m.⁵

Please also be considerate of your neighbours by avoiding noise during lunch breaks.

FREEDEFIEER AN ORDRE PUBLIC

Fir dass alleguerten d'Awunner vu Stroossen vun de Feierdeeg profitéiere kënnen, soll ee Mënsch an Déier och beim Feiere respektéieren. Et ass wéinst der öffentlecher Sécherheet a Propretéit verbuede Freedefieer ze schéissen a Knupperte lasszeloossen ouni Erlaabnis vum Buergermeeschter.⁶

FEUX D'ARTIFICE ET ORDRE PUBLIC

Afin que tous les résidents de la commune puissent profiter pleinement des jours de fête, il est important de respecter ses concitoyens et les animaux. Pour des raisons de sécurité publique et de salubrité de l'espace public, il est interdit de tirer des feux d'artifice et de faire éclater des pétards sans l'autorisation préalable du bourgmestre.⁶

FIREWORKS AND PUBLIC ORDER

In order to make sure that all the citizens of Strassen can benefit from the holidays, please respect both humans and animals while celebrating. For reasons of public security and cleanliness, it is forbidden to light fireworks or firecrackers without the Mayor's prior permission.⁶



HAUSDÉIEREN

ANIMAUX DOMESTIQUES

PETS



HAUSDÉIEREN

Hënn muss bannent deem Mount, an deem se ugeschaaft goufen, op der Gemeng deklariert ginn.⁷

Hënn a Kaze muss vum Veterinär eng elektronesch Puce implantéiert kréien, fir se ze identifizéieren, wa se eng Kéier sollte fortlafen.

Am ëffentleche Raum muss all Hond un der Léngt gefouert ginn.⁸ Evitéiert mat Ärem Hond op Spillplazen ze goen.

Als geféierlech agestuuften Hënn müssen an der Hondsschoul en Dressurkurs matmaachen. De Besëtzer muss en Zertifikat virweise kënnen, an deem en Ofschloss vun dësem Cours attestéiert gëtt.⁹

Hondsbesëtzer müssen d'Exkrementer vun hirem Hond oprafen.¹⁰ Fir dëser Flicht nozekommen, fannt Dir op verschidde Plazen an der Gemeng gratis Tuten.

Duerch Gebills a Gehurels vun Hausdéiere fille sech d'Noperen oft gestéiert. Mir bieden lech, déi noutwenneg Moosnamen ze huelen, fir dëst Verhalen ze vermeiden.¹¹



Weider Informatiounen zum Thema Hausdéiere fannt Dir op

<https://guichet.public.lu>,
an der Rubrik : Citoyens
> Famille > Animaux domestiques

ANIMAUX DOMESTIQUES

Les chiens doivent être déclarés à la commune dans le mois qui suit leur acquisition.⁷

Les chiens et les chats doivent avoir une puce électronique, implantée par un vétérinaire, afin de pouvoir être identifiés, au cas où ils s'échappent.

Dans les lieux publics, tous les chiens doivent être tenus en laisse.⁸ Évitez de vous rendre sur des aires de jeu avec votre chien.

Les chiens qualifiés de dangereux doivent avoir complété un cours de dressage auprès d'une école pour chiens. Le propriétaire doit pouvoir présenter un certificat attestant l'achèvement d'un tel cours.⁹

Le propriétaire doit ramasser les excréments de son chien.¹⁰ Afin de vous acquitter de cette obligation, des sacs sont gratuitement mis à disposition à différents endroits de la commune.

Les aboiements et les hurlements des animaux domestiques dérangent souvent les voisins. Nous vous prions d'adopter les mesures nécessaires pour éviter ces désagréments.¹¹



Plus d'informations sur les animaux domestiques sur le site web <https://guichet.public.lu>, sous l'onglet : Citoyens > Famille > Animaux domestiques

PETS

Dogs must be registered in the commune within one month of their acquisition.⁷

Dogs and cats need to be electronically chipped by a veterinarian in order to allow their identification, should they run away.

Every dog needs to be walked on a lead when in public.⁸ Please avoid taking your dog to playgrounds.

Dogs that are considered dangerous have to complete a training course in a dog school. The owner has to hold a certificate testifying the completion of the aforementioned course.⁹

Dog owners must remove the excrements of their dog.¹⁰ For this, paper bags are provided for free in various locations in the commune.

Pet owners or keepers are obligated to take the necessary steps to avoid their animals from disturbing the public peace or the residents' rest by barking or howling.¹¹

⁷ Article 4 de la loi du 9 mai 2008 relative aux chiens
⁸ Article 2 de la loi du 9 mai 2008 relative aux chiens
⁹ Articles 10 et 16 de la loi du 9 mai 2008 relative aux chiens
¹⁰ Article 9 du règlement général de la Police de Strassen
¹¹ Article 20 du règlement général de la Police de Strassen



You can find more information on this topic on <https://guichet.public.lu>, under : Citoyens > Famille > Animaux domestiques



Scannt de QR Code mat Ärem Smartphone fir den Umeldungsformulaire fir Hënn erofzelueden.

Scannez le code QR avec votre smartphone afin de télécharger le formulaire pour déclarer un chien.

Scan the QR code with your mobile device to download the registration form for dogs.



PARKING A VITESS (P) STATIONNEMENT RÉSIDENTIEL ET VITESSE RESIDENTIAL PARKING AND SPEED

PARKING A VITESS

De Parking *résidentiel* gëllt um ganze Gebitt vun der Gemeng Stroossen, vu méindes bis freides vun 8.00 bis 18.00 Auer.¹²

Parke / stationéiere mat der *Vignette résidentielle*

Dir dierft bis zu maximal 48 Stonnen op darselwechter Plaz parke, ausser an deenen orangen a rouden Zonen, wou d'*Vignette* net gëllt. Deementspriedend muss eng blo Parkscheif geluecht ginn an d'Dauer, déi um Parkschild steet, muss respektéiert ginn.

Parke / stationéieren ouni *Vignette résidentielle*

Op den ëffentleche Parkingen oder Plaze musst Dir entweder eng blo Parkscheif leeën oder een Ticket aus dem Parkautomat huelen, je nodeem wéi et op där Plaz virgesinn ass.

Zones de rencontre a Zones résidentielles

Gitt besonnesch Uecht an der *Zone de rencontre* souwéi an der *Zone résidentielle*, wou d'Foussgänger déi ganz Breet vun der ëffentlecher Strooss benotzen däerfen, ouni awer de Verkéier onnéideg ze behënneren.

D'Leit am Verkéier sollen een op den anere Récksiicht huelen. Déi breet wäiss Sträif, déi duerch d'*Zone de rencontre* verleeft, ass eng Orientatiounslinn fir Leit, déi schlecht gesinn, a keng amenagéiert Parkplaz.

Viteess

Fir Är eegen an deenen aneren hir Sécherheet, adaptéiert Är Viteess un déi ausgeschëldert Viteesslimitatiounen. Respektéiert d'Rietsvirfaarten an de *Code de la Route*.



STATIONNEMENT RÉSIDENTIEL ET VITESSE

Le stationnement résidentiel est valable sur l'ensemble du territoire de la commune de Strassen, du lundi au vendredi, de 8h00 à 18h00.¹²

Se garer / stationner avec la *vignette résidentielle*

Si vous possédez une vignette résidentielle, vous pouvez stationner votre véhicule pendant un maximum de 48 heures au même endroit, à l'exception des zones oranges et des zones rouges, où la vignette ne s'applique pas. Dans ces zones-là, vous devez apposer le disque bleu et respecter les durées maximales de stationnement indiquées sur les panneaux.

Se garer / stationner sans *vignette résidentielle*

Sur les parkings ou les places de stationnement public, vous devez soit apposer le disque bleu, soit prendre un ticket de stationnement au parcmètre, en fonction de la zone dans laquelle vous vous trouvez.

Zones de rencontre et zones résidentielles

Soyez particulièrement vigilant dans les zones de rencontre et dans les zones résidentielles, car les piétons peuvent y circuler sur toute la largeur de la voie

publique, toutefois à condition de ne pas entraver la circulation.

Les usagers de la route doivent se respecter mutuellement et faire preuve de prévoyance les uns envers les autres. Les larges bandes blanches qui longent les zones de rencontre sont des bandes de guidage destinées aux personnes malvoyantes, non pas des places de stationnement.

Vitesse

Pour votre sécurité et celle des autres, adaptez votre vitesse aux limitations de vitesse indiquées sur les panneaux de signalisation. Respectez les priorités de droite et le Code de la Route.

RESIDENTIAL PARKING AND SPEED

Residential parking is in force within the bounds of the commune of Strassen from Monday to Friday from 8 a.m. to 6 p.m.¹²

Parking with a residence parking permit (*vignette*)
You are allowed to park in the same place for a maximum of 48

hours, except in the orange and red zones, where the *vignette* is not valid. In the case of the latter, a blue parking disk must be used and the duration indicated on the parking sign must be respected.

Parking without a residence parking permit (*vignette*)

Depending on the zone you are parking in, you must either use a blue parking disk or purchase a ticket from a parking machine.

Zones de rencontre and residential zones

Please take particular care in the *zones de rencontre* as well as in the residential zones, where pedestrians are allowed to take up the entire street, without them, however, intentionally or unnecessarily hindering traffic.

Road users have to be considerate of each other. The thick white line leadig through the *zone de rencontre* is an orientation system for visually impaired people and not a marked parking space.

Speed

For your own protection and the protection of others, please respect the speed limits, the priority to the right rules, and the *Code de la Route*.

¹² Dispositions relatives au stationnement résidentiel, disponibles sur www.strassen.lu dans la rubrique environnement mobilité > stationnement résidentiel

KNASCHT AN OFFALL

DÉCHETS ET ORDURES

DIRT AND GARBAGE



KNASCHT AN OFFALL

Et leeft sech besser an enger propperer Gemeng: Geheit w.e.g. Äre Knascht an déi dofir virgesinne Poubellen. Et ass verbueden, Géigestänn am ëffentleche Raum ewechzegeheien oder ze hannerloossen.¹³

Stellt Är Poubellen deen Owend, ier den Offall agesammelt gëtt eraus. Déi eidel Poubellë mussen de selwechten Dag nees erageholl ginn, fir dass d'Foussgänger an de Verkéier net gestéiert ginn.



Am Öko-Kalenner vum SIDOR fannt Dir nätzlech Informatiounen iwver d'Asammele vum Haushaltsoffall.

DÉCHETS ET ORDURES

Parce qu'il est plus agréable de vivre dans une commune propre, jetez vos déchets dans les poubelles prévues à cet effet. Il est interdit de se débarrasser d'objets sur la voie publique.¹³

Sortez votre poubelle la veille au soir de la collecte des déchets. Les poubelles vidées doivent être recueillies le jour même afin de ne pas déranger ni les passants, ni la circulation.



Vous trouvez des informations utiles sur la collecte des déchets ménagers dans le calendrier écologique du SIDOR.

DIRT AND GARBAGE

As it is nicer to live in a clean commune, please throw your garbage into the appropriate bins. It is forbidden to dispose of or leave behind objects in public spaces.¹³

Please place your bin in front of your door the evening before garbage collection. The empty bins have to be brought back inside on the same day in order not to hinder pedestrians or traffic.



You can find useful information on the collection of household waste in SIDOR's ecology-calendar.



Scannt de QR Code mat Ärem Smartphone fir den Öko-Kalenner erofzelueden.

Scannez le code QR avec votre smartphone pour télécharger le calendrier écologique.

Scan the QR code with your mobile device to download the garbage collection calendar.

¹³ Article 9 du règlement général de la Police de Strassen

MÉIEN A GAARDENAARBECHT TONTE DE LA PELOUSE ET JARDINAGE LAWN MOWING AND GARDENING



MÉIEN A GAARDENAARBECHT

E schéine Gaart dréit zur Liewensqualität bäi. Denkt bei der Gaardenaarbecht awer w.e.g. och un d'Ëmwelt an un d'Déieren.

Am Fréijoer bauen d'Villercher hir Näschter gären an den Hecken. Dofir biede mir lech, während dëser Period Är Hecken net ze schneiden.

Gräift w.e.g. op ëmweltfrëndlech Produiten zeréck, fir d'Onkraut an Ärem Gaart ewechzemaachen.

Beem an Hecke sollen esou geschnidde ginn, dass se net op dem Noper säin Terrain eriwwerwuessen, d'Foussgänger um Trottoir net stéieren oder de Verkéier behënneren. Wann d'Beem an d'Hecken eng Héicht vun 2 Meter iwwerschneiden, muss se op d'mannst 2 Meter vum Nopeschgrondstéck ewechstoen.¹⁴

Wéi schonn an der Rubrik „Kaméidi“ erwäant, ass et sonndes a während de Feierdeeg de ganzen Dag iwwer, esou wéi an der Woch vun 20.00 bis 8.00 Auer net erlaabt ze méien, Apparater wéi Motorseeën ze benotzen oder Aarbechte baussen um Haus duerchzeféieren, déi vill Kaméidi maachen.

TONTE DE LA PELOUSE ET JARDINAGE

Un beau jardin contribue beaucoup à améliorer le bien-être. Cependant, en vous adonnant au jardinage, pensez également à l'environnement et aux animaux.

Au printemps, il n'est pas rare que les oiseaux fassent leur nid dans les haies. Nous vous prions de ne pas tailler vos haies pendant cette période.

Il est recommandé d'utiliser des produits respectueux de l'environnement pour vous débarrasser des mauvaises herbes dans votre jardin.

Les arbres et les haies doivent être taillés de manière à ne pas empiéter sur les terrains des voisins, à ne pas déranger les piétons circulant sur le trottoir et à ne pas entraver la circulation. Si vos arbres ou haies mesurent plus de 2 mètres, ils doivent se situer à une distance minimale de 2 mètres des terrains des voisins.¹⁴

Comme déjà indiqué dans la rubrique « Bruit », il est interdit de tondre la pelouse, d'utiliser des machines comme par exemple des tronçonneuses ou d'effectuer des travaux bruyants à l'extérieur les dimanches et jours fériés pendant toute la journée, ainsi que tous les autres jours entre 20h00 et 8h00.

LAWN MOWING AND GARDENING

A beautiful garden is part of a good quality of life. Please do keep our environment in mind, including any animals during gardening.

In spring, birds tend to build their nests in bushes. For this reason, you are kindly requested to not trim your bushes during this period.

Please use ecofriendly products for weed control in your garden.

Trees and bushes need to be trimmed in order to prevent them from spreading over to your neighbour's territory, from disturbing pedestrians on the pavement or from hindering circulation. If trees and bushes are higher than 2 meters, they need to be located at a distance of at least 2 meters from your neighbour's territory.¹⁴

As already mentioned in the paragraph "Noise", it is forbidden to mow the lawn, use noisy equipment, such as chainsaws, or carry out noisy works outside of your house on Sundays and on public holidays all day long, including other days from 8 p.m. to 8 a.m.

¹⁴ Article 671 du Code civil

SCHNÉISCHËPPEN ❄️

DÉNEIGEMENT

SNOW-CLEARING

SCHNÉISCHËPPEN

Dir sidd responsabel fir Ären Trottoir dat ganz Joer propper ze halen, andeems Dir e reegelméisseg kiert.

Am Wanter heescht dat, dass Dir Schnéi schëppen, Äis ewechmaachen a Salz streeë musst.¹⁵ Wann Dir dëser Flicht net nokommt an e Foussgänger sech virun Ärem Haus blesséiert, kann dësen lech juristesch fir seng Verletzung responsabel maachen.

Streusalz kritt Dir am Supermarché, am Baumaart oder op der Tankstell ze kafen. Amplaz vum Streusalz kënn Dir och op ëmweltfrëndlech Alternativen zeréckgräifen.

DÉNEIGEMENT

Vous devez garder votre trottoir propre durant toute l'année en le balayant régulièrement.

En hiver, vous devez déblayer la neige sur votre trottoir, vous débarrasser du verglas et verser du sel.¹⁵ Au cas où un piéton se blesse devant votre maison par manquement de cette obligation, vous pouvez être rendu comme légalement responsable.

Vous pouvez acheter du sel de déneigement dans les supermarchés, les grandes surfaces de bricolage ou dans les stations-service. Au lieu d'utiliser du sel de déneigement, vous pouvez aussi opter pour des solutions respectueuses de l'environnement.

SNOW-CLEARING

You are responsible for keeping the pavement outside your house clean all year long, by sweeping regularly.

This means that during the winter season, you must salt the pavement and, if applicable, shovel the snow off the pavement.¹⁵ In the event of you not fulfilling this obligation, and this leading to a pedestrian getting hurt in front of your house, they can take legal action against you.

Road salt is available in supermarkets, DIY warehouses and petrol stations. You are welcome to swap road salt for more ecofriendly alternatives.

¹⁵ Article 15 du règlement général de la Police de Strassen

GRILLEN GRILLADES BARBECUES



GRILLEN

Fir dass dem gemittleche Grille mat Frënn a Famill näischt am Wee steet, biede mir lech, Récksiicht op Är Noperen ze huelen:

- Duerch den Damp an de Geroch vum Grille kënnen sech d'Nopere gestéiert fillen.
- Iwwerwaacht stänneg d'Feier, fir dass et sech net verbreet.
- Geheit keng waarm Glous an Äschen an d'Poubellen.
- Et ass verbueden, Feier an de Parken an op öffentleche Plazen ze maachen.¹⁶



Fir eng gutt Noperschaft a fir Mëssverständneser z'evitéieren, wier et e feine Geste den Noper op d'Grillfest z'invitéieren.

GRILLADES

Afin de profiter d'une grillade conviviale avec vos amis et votre famille, nous vous prions de faire preuve de prévoyance à l'égard de vos voisins :

- La fumée et l'odeur des grillades peuvent déranger les voisins.
- Surveillez constamment le feu afin d'éviter que les flammes ne se propagent.
- Ne jetez pas les braises chaudes ou les cendres dans la poubelle.
- Il est interdit de faire du feu dans des parcs et des lieux publics.¹⁶



Afin de promouvoir un bon voisinage et d'éviter des malentendus, vous pouvez inviter vos voisins à vos grillades. Ce geste sera certainement apprécié !

BARBECUES

To make sure that nothing stands in the way of a cozy barbecue with family and friends, we ask you to be considerate of your neighbours:

- The barbecue smoke and smell may bother the neighbours.
- Keep an eye on the fire to make sure it does not spread.
- Do not throw hot coal or ash into the garbage.
- It is forbidden to start a fire in parks and in public places.¹⁶



For a good neighbourhood and in order to avoid any kind of misunderstandings, it would be a nice gesture to invite your neighbours to the barbecue.

¹⁶ Article 35 du règlement général de la Police de Strassen



Editeur | Éditeur | Publisher

Commune de Strassen

Text | Texte | Text

Commune de Strassen

Fotografie | Photographie | Photography

Commune de Strassen
www.strassen.lu

dbcreation (Anthony Dehez)
www.dbcreation.be

Shutterstock
www.shutterstock.com

123RF
www.123rf.com

iStock
www.istockphoto.com

Konzept | Conception | Concept

leitmotif

Gestaltung | Design | Design

Anthony Tavares

Drock | Impression | Print

Print Solutions S.à.r.l

©2019 Administration Communale de Strassen

All Rechter virbehalen.
All integral oder partiell Reproduktioun oder Iwwersetzung
ass ouni den Accord vun der Gemeng Stroossen verbueden.

Tous droits réservés.
Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle,
est strictement interdite sans autorisation de l'Administration
Communale de Strassen.

All rights reserved.
Any full or partial reproduction or translation is forbidden
without the permission of the commune of Strassen.

Commune de Strassen

🏠 1, place Grande-Duchesse Charlotte L-8041 Strassen

☎ +352 31 02 62 1

✉ reception@strassen.lu

🌐 www.strassen.lu

📱 Application mobile: Strassen

🇧🇪 Commune de Strassen

🇱🇺 Strassen_Stroossen

Commune de
Strassen



ZESUMME LIEWEN

FIR ENG GUTT NOPERSCHAFT

VIVRE ENSEMBLE

VIVRE EN BON VOISINAGE

LIVING TOGETHER

FOR A GOOD NEIGHBOURHOOD